ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg schéngt an der Fro, wéi een Afghanen, déi mat den NATO-Truppen oder der EU zesummegeschafft hunn, a weidere Flüchtlinge soll hëllefen, eng aner Positioun ze hunn, wéi aner EU-Länner. Den däitsche Bausseminister Heiko Maas gëtt zitéiert mat der Ausso, datt d'Nopeschlänner vun Afghanistan sech sollen op Flüchtlingsbeweegungen astellen an datt hie fir eng gemeinsam EU-Approche wär, fir an der Regioun sécher Zonen an oder ronderëm Afghanistan ze schafen. Den Här Bausseminister séngersäits fuerdert, deenen Afghanen, déi der Nato gehollef hunn, „eng Chance [ze] ginn, an engem europäesche Land ze liewen", wéi et op RTL heescht.

Duerfir dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Ass déi ausseruerdentlech Videokonferenz vun den EU-Bausseminister eestëmmeg iwwer Léisungen eens ginn, oder gëtt et ënnerschiddlech Appreciatioune vu méiglech Schutzmoossname fir Flüchtlingen a fir Afghanen, déi der Nato oder der EU an de leschten 20 Joer gehollef hunn?
2. Lëtzebuerg huet sech anscheinend elo mol engagéiert fir 12 Afghanen opzehuelen. Wéi eng Engagementer hunn déi aner EU-Länner geholl? Wéi sollen déi 12 Afghanen erausgesicht ginn an op Lëtzebuerg kommen?
3. Ass de Wonsch, verschidde Kategorie vun Afghanen an europäesche Länner liewen ze loossen, dem Här Bausseminister seng perséinlech Appreciatioun am Kader vum RTL-Interview oder gëtt dëse vun aneren EU-Ministere gedeelt an huet dëse Wonsch eng Aussiicht zu enger offizieller EU-Positioun ze ginn?
4. Wat sinn d'Schätzungen, wéi vill Leit betraff sinn, déi sech duerch hir Mataarbecht bei westlechen Staaten, Institutiounen oder Projeten an den An vun den Taliban komprometteiert hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten